N°1051
Entrée le 22.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2024
Chambre des Députés

LSAP

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 509/2024
23 JUIL. 2024
A traiter par :
Copie à :

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2024

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An der Reunioun vum 18. Juli vun der Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau huet d'Madamm Ministesch erkläert, dass et zwee Wënzer ginn, déi eng Konzessioun hunn, fir an der Gréngzon eng Wäistuff ze bedreiwen, dass aner Wënzer awer keng Konzessioun kréien. Dozou wéilte mir follgend Froe stellen:

- Wéini goufen déi zwou Konzessiounen ausgestallt? Fir wéi en Zäitraum an op wat fir enger gesetzlecher Basis ass dat geschitt?
- Wat ënnerscheet des zwee Fäll vun aneren Demande fir eng Wäistuff an der Gréngzon, déi keng Autorisatioun kruten?

Mat déiwem Respekt,

Franz Fayot
Deputéiert

Claire Delcourt
Deputéiert

Paulette Lenert
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth a vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Martine Hansen, op d'parlamentaresch Fro n°1051 vum 22. Juli 2024 vun den éierbaren Deputéierten Franz Fayot, Claire Delcourt a Paulette Lenert**

Laut Cabaretagegesetz vum 6. Juni 1989 muss all Persoun, déi eng sougenannten « Ausschank vun alkoholeschem Gedrénks » (*débit de boissons alcooliques*) fir op der Plaz ze consomméieren, wëll etabléieren, eng Deklaratioun bei der Douanesverwaltung maachen. Op där Basis gëtt da gekuckt, ob a wéi eng Schank-Lizenz kann ausgestallt ginn.

Bei deenen 2 vun den Deputéierten ugeschwate « Konzessiounen » handelt et sech deemno ëm 2 Schank-Lizenzen. Déi eng gouf 1986 ausgestallt. Den Transfert vun der Lizenz gouf 2021 op Basis vum Artikel 6, Paragraph 6, vum Cabaretagegesetz vum 6. Juni 1989 autoriséiert. Déi zweet Lizenz gouf 1996, och op Basis vum Artikel 6 vum virgenannte Cabaretagegesetz, ausgestallt.

Beim Ausstelle vun enger Schank-Lizenz gëtt gepréift, ob d'Conditioune vum d'Cabaretage-Gesetz erfëllt sinn. Ob esou eng Ausschank an der Gréngzone läit oder net, ass fir d'Ausstelle vun enger Schank-Lizenz u sech net relevant. Fir aner Autorisatiounen, wéi z.B. Baugeneemegungen sinn de Finanzministère respektiv d'Douanesverwaltung net zoustänneg.

Lëtzebuerg, den 12. September 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth